N°1034
Entrée le 18.7.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.07.2024

**Groupe parlementaire**

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Juli 2024

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Am Kader vun den Diplomiwwerreechungen um Enn vum Schouljoer am LTPES, de 4. Juli 2024 a Presenz vun der Madamm Justizminister an den 8. Juli a Presenz vum Här Schoulminister, huet d'Directrice vun dësem Lycée gesot:

*„De Rietsruck, dee weltwäit duerch d'Gesellschafte geet, bereet* ***mir*** *immens grouss Suergen.* ***Ech*** *hat wierklech gehofft, datt mir no der Erfarung vum Zweete Weltkrich an der Occupatioun duerch Nazidäitschland hei am Land, mä och a ganz Europa an an der ganzer fräier Welt bäigeléiert hätten, an net méi empfänglech wieren, fir déi vun de Populiste virgegaukelt einfach Äntwerten op komplex Froen. Dës ginn erfarungsgeméiss ëmmer op d'Käschte vu Minoritéiten a vun deene Persounegruppen, déi um Rand vun eiser Gesellschaft stinn, a vun deene kritesche Membere vun der Gesellschaft.* ***Ech*** *hat och gehofft, datt mer als fräi europäesch Gesellschaft opgrond vun eisem humanistesche Mënschebild an eisem Vertrauen an d'Demokratie immun wiere géint déi rietsextreem a rietspopulistesch Gefor."*

*(zitéiert aus der Äntwert vum Här Schoulminister op meng parl. Fro 983)*

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Minister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister preziséieren, wou hien dësen Extrait hierhuet, an, wa méiglech, béid Rieden, déi d'Directrice am Kader vun den Diplomiwwerreechungen am LTPES gehalen huet, **an hirer Integralitéit** noreechen?
2) Den Här Minister huet a senger Äntwert op meng parl. Fro 983 gesot, d'Directrice hätt mat dëser Ried net géint hir Verflichtung zur Neutralitéit verstouss. Lo liese mir awer beispillsweis um "site officiel de l'administration française": *« Un agent public (…) doit respecter une obligation de neutralité en application de laquelle il ne doit pas, dans l'exercice de ses fonctions (…) manifester* ***ses*** *convictions qu'elles soient religieuses, philosophiques ou* ***politiques****, à l'égard des usagers et de ses collègues. »* (Devoirs de réserve, de discrétion, de neutralité et secret professionnels dans la fonction publique | Service-Public.fr)
Kann den Här Minister, am Liicht vun dësem Zitat, confirméieren, datt d'Directrice mat hirer Ausso *„De Rietsruck, dee weltwäit duerch d'Gesellschafte geet, bereet* ***mir*** *immens grouss Suergen"* net géint hir Verflichtung zur Neutralitéit verstouss huet?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten